Wousst Dir dat schonn?

Elteren, Är Sprooche sinn eng Chance

7000 SPROOCHEN

• OP DER WELT •

60 % vun der Bevëlkerung kommunizéiert *a méi wéi enger Sprooch*

Zweesproochegkeet

Nëmme Virdeeler, an dat an all Sprooch!

Mäi Kand wiisst mat e puer Sproochen op, ass dat e Problem?

Kee Problem!

- Et ass bewisen: e Kand ka liicht e puer Sprooche léieren, ouni se ze verwiesselen.
- Zwou gläichzäiteg, eng no där anerer, dräi oder méi… alles ass méiglech!
- Wéi all Kanner, brauch d'Kand just Zäit säin eegene Rhythmus ze fanne fir d'Sprooch ze entwéckelen.

Bréngt meng Sprooch mengem Kand eppes?

Natierlech!

- D'Sprooche vun den Eltere sinn souguer fundamental fir d'Kanner: si ginn hinnen Halt a vermëttelen hinnen eng Familljegeschicht.
- Et ass och dank deene Sproochen, datt d'Kand schwätze léiere wäert.
- Iwweregens: wat e klengt Kand seng Sprooch(e) besser a méi praktizéiert, wat et duerno méi einfach aner Sprooche léiert!

A wat wäert an der Schoul passéieren?

Keng Angscht!

- Wichteg ass, datt Äert Kand spiert, datt all seng Sprooche wëllkomm sinn.
- Schwätzt weider an Ärer Sprooch mat him, weist Ären Intressi fir d'Sprooch(e) vun der Schoul a fir déi nei Welt, déi d'Kand entdeckt.
- Soubal et sech sécher spiert, wäert et liicht Zougank zu dësen anere Sprooche fannen… a gëtt zweesproocheg oder souguer méisproocheg!

DAT ASS BEWISEN!

Zweesproocheg sinn heescht:

- Méi liicht an enger multikultureller Welt kommunizéieren ze kënnen
- Diversitéit acceptéieren an valoriséieren
- Empathie an d'Kapazitéit nozelauschteren entwéckelen
- Kreativ sinn
- Sech u verschidde Situatiounen upassen ze kënnen
- Aner Sprooche méi einfach léieren

Virausgesat all d'Sproochen vum Kand ginn doheem an an der Gesellschaft valoriséiert!

Am Alldag

• AN DER FAMILL •

ERZIELEN, SANGEN, LIESEN, SPILLEN…
an dat an der Sprooch vun Ärer Wiel

SECH AUSTAUSCHEN, ZESUMMEKOMMEN…
mat Mënschen, déi Är Sprooch deelen

• AN DE BILDUNGSSTRUKTUREN •
Crèchen, Schoulen…

SECH AUSTAUSCHEN
iwwert d'Sproochen doheem an an der Struktur

DEELEN
Wierder, Geschichten, Lidder an Äre Sproochen

• bahasa • LANGUAGE • 언어 • LANG • 語言 • du la la • لغة • FITENY • dil • idioma • LANGUE •

d'une langue à l'autre

www.dulala.fr

YouTube

[Affiche en luxembourgeois]

*Ëmfro « Trajectoires et Origines » INED-INSEE, 2008